N°3581
Entrée le 02.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Mir gouf e Fall zougedroe, datt et bei der Beaarbechtung vu Steiererklärunge Fäll gëtt, wou Bierger vergiessen, eng Case unzekräizen, déi relevant ass fir hir Besteierung. D'Steieramt mécht déi betraffe Persounen da schrëftlech drop opmierksam, datt dës Angab feelt.

Wann déi betraffe Bierger doropshin eng "demande de redressement" stellen, fir dëse Feeler ze korrigéieren, gëtt dës Rektifikatioun awer net ëmmer acceptéiert. An esou Fäll kréien d'Bierger dann net déi Deductiounen oder Abattementen ugerechent, op déi si eigentlech e Recht hätten.

Besonnesch problematesch ass, datt am Règlement vum Steieramt selwer virgesinn ass, datt een dräi Méint Zäit huet, fir eng Rektifikatioun unzefroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt d'Praxis vum Steieramt gerechtfäerdegt, Rektifikatiounen ze refuséieren, wann et sech ëm offensichtlech ëm e Versinn oder e Vergiessen handelt, obwuel d'Reglementer eng Frist vun 3 Méint fir Korrekture virgesinn?

2. Wéi vill Demande de redressement goufen an de leschten 3 Joer agereecht, a wéi vill dovunner goufen acceptéiert respektiv refuséiert? Kann eng Statistik no Grond vun der Refus zur Verfügung gestallt ginn?

3. Wat sinn déi exakt Krittären, no deenen d'Steieramt entscheet, ob eng Rektifikatioun akzeptéiert oder refuséiert gëtt?

4. Gëtt et eng kloer Distinctioun tëscht onbewosste Feeler a bewosste Falschangaben?

5. Ass d'Regierung bereet, d'Prozedur ze iwwerpréiwen a méi Transparenz a Kulanz bei onbewosste Feeler ze garantéieren, fir ze vermeiden, datt Bierger duerch en einfacht Vergiesse finanziell benodeelegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten